

Cycle de Conférences Dk-750

Avant-propos

Le présent document n'a pas la prétention de rendre compte en détail et en longueur du contenu véhiculé par les contributions des conférenciers et des participants à la table ronde. Il se veut chronique instantanée et légère du cycle de conférences et mise en scène des participants, orateurs, organisateurs, collaborateurs et auditeurs. Les contributions originales des conférenciers qui suivent seront également disponibles sous forme électronique (DVD souvenir, www.diekirch.lu ou www.750.lu) et pourront évidemment être téléchargées par les intéressé(e)s.

Avant de passer en revue les différentes soirées, nous reproduisons ci-dessous le tableau récapitulatif du programme de conférences.

Date	Thème	Conférencier	Sujet
21.10	Ville au charme particulier	1-1: Pierre DILLENBURG greffier d'honneur de la Chambre	Finn, Mim, Bim a Cie, Dikrich a séng Unikumen
		1-2: Dr Albert MAMBOURG médecin, écrivain	Gebueren zu Dikrich
28.10	Histoire d'une ville, histoire des peuples	2-1: Jean-Claude MULLER Linguiste et conseiller culturel (Rédange)	„Der Herbst des Mittelalters“ begann in Diekirch
11.11	Trésors d'une ville	3-1: Marc SCHOELLEN Historien, Jardineur	Quel patrimoine pour le Diekirch de demain?
		3-2: Dr Alain DIERKENS Professeur à l'Université libre de Bruxelles	Quel avenir pour nos cimetières?
18.11	Réalité et fiction(s)	4-1: Marco SCHANK Ministre du Logement	Diekirch, source d'inspiration
		4-2: Laure-Anne FINOULST Aspirante F.R.S.-FNRS/Université libre de Bruxelles	Diekirch, les secrets des sarcophages de la Vieille Eglise
25.11	Le sort et le rôle d'une ville	5-1: Laurent MOSAR Président de la Chambre des députés	L'influence de Diekirch sur la politique nationale
		5-2: Dr Michel PAULY , professeur d'histoire transnationale luxembourgeoise à l'Université du Luxembourg	Diekirch, eng Stad am Mëttelalter
		5-3: Table ronde avec la participation des députés: Frank ENGEL, Claude HAAGEN, Claude TURMES	Ville autonome en 2010
02.12	Un paysage se raconte	6-1: Robert MAQUIL Service Géologique du Luxembourg	Diekirch, sa géologie et l'évolution du paysage
		6-2: François VALOTTEAU MNHA Section Préhistoire	Diekirch préhistorique
16.12	Temps de guerre, temps de paix	7-1: Roland GAUL & Dan JORDÃO MNHM, Curateur	Di 2 Befreiunge vun Dikrich
		7-2: Ernest BREUSKIN Professeur et conseiller communal (Diekirch)	Wéi d'Lëtzebuerger Arméi op den Häerebiërg koum
		7-3: Inauguration d'une plaque commémorative „Fräiheetslann“ au Parc municipal	Fräiheet vun 1839
27.01	Passé méconnu	8-1: Matthias PAULKE MNHA Section Antiquité	Neues zur römischen Villa von Diekirch
		8-2: Christiane BIS-WORCH MNHA Section Moyen-Âge	Das mittelalterliche Diekirch

21.10.2010: Diekirch, Ville au Charme Particulier

Fir di éischt Konferenz hu mer net Still genuch an dee neie Festsall an der neier Schull ass schon ze kleng. Däermoosse vill Leit si komm fir de Pierre DILLENBURG an den Aby MAMBOURG rëm ze gesinn an hinnen zwee no ze lauschteren. De Buergermeeschter Jacques DAHM begrüsst de Public äer de Schäffen Paul BONERT den Opbau an den Oflaf vun de Konferenzen kuerz erklärt an duerno di 2 Conférencier'ë virstellt.

Hee seet dem Pierre DILLENBURG besonnisch Merci fir seng Ënnerstëtzung bei der Organisatioun vun de Gebuertsdagsevenementer. Duerch seng Präsenz an de Medien, ass de Pierre DILLENBURG landbekannt.

Den Dokter Albert MAMBOURG ass allen Dikricher op d'Manst vum Numm hier och ee Begrëff: Am Weste vun der Stad dréit eng Strooss den Numm vum Conférencier sengem Papp, dem Dr Albert MAMBOURG senior. Hee war Dokter, Gemengerot a mat Leif a Séil Scoutsmaster. Den Aby MAMBOURG selwer ass Dokter zu Luzern an der Schwäiz an niewebäi Schrëftsteller. Säi Meedchen d'Nina MAMBOURG ass Molerin an huet den Aband vu sénge Bicher entworfen, di beim Gollo STEFFEN vun Esch-Sauer (éditions op der Lay) rauskomm sinn.

1-1: Pierre DILLENBURG: „Finn, Mim, Bim et Cie, Dikrich a seng Unikumen“

De Pierre DILLENBURG huet ee faarwige Bouquet Schnoken an Anekdoten offrëiert an eng ganz Prozeßioun vun méi oder manner bekannte Personagen aus dem virische Jarhonnert défiléiere geloos. Heen huet et fäerdig bruecht, eng Bréck ze schloën tëschent den Dikricher vun haut a vu gëscht. Di jonk Dikricher vun haut waren iwwerrascht gewuer ze ginn, wéi liewig a faarwig dach di Dikricher Gesellschaft vu virun 100, 200 Jar trotz allem Misär war. Di al Dikricher vun haut – oder besser, di Jonk Dikricher vu gëschter – hu sich mat enger Tréin am A der Gewëssheet erginn, dass net alles, wat haut anischt ass wi deemols, sich och zum Besten verännert huet : Wou ass di sozial Kohärenz vu gëschter, wou bleiwt d'Liewensfread an den Elan, eppes opzebauen wat derwert ass, zesummen erliewt ze ginn.



L'affluence des grands jours



Pierre DILLENBURG interviewant Abi MAMBOURG

1-2: Dr Albert MAMBOURG: „Gebueren zu Dikrich“

Wéi erwaart, huet MAMBOURG's Abi ee literarisch, philosophisch Freedefeier ofgeschoss. Mat engem deels nostalgischen, deels ironisch verbatterte Réckléck op seng Jugend, déi hee bei sänge Grussel-teren, dem Fierschter Michel ZEYEN-KOHL, am Bamerdall verbruecht huet, huet heen op seng onverkennt sprëtzig direkt, sarkastisch, awer och auto-kritisch Art a Weis, dem Auditoire de Spigel virgehal, mat der Fro: Wee si mir dann eigentlich, ... nach ?, oder: Wat ass aus eis Dikricher, oder Lëtzebuerger ginn ? oder suguer: Get et eis eigentlich nach ?

Di zwee Conférencier'ën, ee su al wi deen aneren, di selwisch Statur, bal di selwisch Coiffure an dach grondverschidden, kruten dee selwischte Cadeau: eng sëlwer Kravattespéngel an d'Dikricher Familjebuch vum Rob DELTGEN, dat d'Stad Dikrich fir den 750. Anniversaire rausginn huet. Als Ofschloss vum Owend offréiert d'Gemeng ee Pain surprise an e sëffige Pättchen.

28.10.2010: Histoire d'une ville, Histoire des peuples

Fir de Conférencier vum Owend virzestellen, léisst de Schäffen Paul BONERT de Jean Claude MULLER selwer mat zwee Zitater aus dem *Familjefuerscher*, der Zeitung vun der ALGH (Association Luxembourgeoise de Généalogie et d'Héraldique) zu Wuert kommen: **Zitat_1:** *Les uns battent des ailes, - on connaît trop de ces «Schäumschléier» - , d'autres organisent des colloques nombrilistiques. Le véritable progrès scientifique réside dans la recherche de base et les échanges scientifiques !* **Zitat_2:** *Der Zugang zur «großen» Geschichte eröffnet sich dem Individuum manchmal über unscheinbare Begebenheiten. Wenn diesen eine hohe Symbolkraft innewohnt, können sie das wissenschaftliche Interesse über Jahre aus der fernen Gedächtniswelt heraus anspornen. Als strenge Wëssenschaftler a luussige Geschichtenerzieler ass de Jean Claude MULLER duerch amstand, als eenzige Conférencier vum Owend, d'Thema vum Owend aus verschiddene Bléckwénkelen ze beliichten.*

E besonnisch enke Bezug zu Dikrich huet de Jean Claude MULLER nët nëmmen duerch séng Zäit am Dikricher Kolléisch. Heen ass och de Mann vun der *d'rëtter Theorie*: A séngen Aën huet den Dikricher Eesel näischt mat dem Aarbichtsdéier aus den Häerebergswangerten ze dinn. Hieren Numm hun di Dikricher och nët vun hierer negativer Astellung vis-à-vis vum Zuch dee sollt op Dikrich kommen. Fir de Jean Claude MULLER läit den Ursprung vum Dikricher Eesel, genau wi an der Béierstad Hoegaarden bei Louvain, wou et hautzudaags nach ëmmer eng *Palmeezelprocessië* gëtt, an enger Statu di Christus weist, wi en op Pällemsonndig um Réck vun engem Eesel an d'Stad Jerusalem reit. Et ass bewisen, dass sou eng Statu hei zu Dikrich existéiert huet an op Pällemsonndig an enger Processioun duerch Dikrich gedroë ginn ass.

2-1: Jean Claude MULLER: „Der Herbst des Mittelalters begann in Diekirch“

Henri le Blondel, Abbas BERTELS, Johan HUIZINGA an Michel DEITSCH alias DEUTSCH waren d'Etappen vun dem Jean Claude MULLER sénger Rees duerch d'Geschicht vun der Stad Dikrich. Den Henri le Blondel (1221-1281) war deen Herrscher zu deem sénger Zäit d'Stad Dikrich hir Fräiheet soll kritt hunn. Den Ierchternacher Abt BERTELS (1544-1607) kënnt vu Louvain. Heen huet zu sénger Zäit d'ganz Lëtzebuerger Land bereest an Zeechnunge vu bal allen Uertschafte gemaach. Vun Dikrich, mat sénger Réngmauer, huet een zweemol ee Croquis gemaach ; deen ee vun 1571 ass am klengen BERTELS an deen anere vun 1597 ass am groussen BERTELS. Den HUIZINGA (1872-1845), war en hollännischen Historiker deen och zu Dikrich am Hôtel des Ardennes passéiert ass. Wéi de Patron vum Hôtel des Ardennes, den



Jean Claude MULLER au pupitre



Diekirch et Ettelbruck côte à côte dans le Petit BERTELS

Alexis HECK, den Tourismus fir Lëtzebuerg entdeckt huet, sou huet den Johan HUIZINGA di europäisch Geschichtsschreiwung, mat séngem Buch «Der Herbst des Mittelalters» vun 1919 revolutionnéiert. De Michel DEITSCH (1837–1905), war en Dikricher sculpteur, deen di zwee Léiwen vum Kolléisch, di laang Jaren niewent der Dekanatskierch stungen, aus Stee gehaen huet an deen di flott Façade vum Haus WELL geschafent huet – *Parva domus, magna quies* oder *Kléngt Haus, grouss Rouh* – an deem – *nomen est omen* – d'*Recette communale* ënnerbruecht ass. Duerno ass de Michel DEITSCH an Amerika ausgewandert wou en ënner anerem eng Statu vum Nicholas GONNER (1835-1892) gemaach huet, deen zu Dubuque am Iowa d'*Luxemburger Gazette* rausginn huet.

Als Merci fir säi Beitrag krut och de Jean Claude MULLER eng sëlwer Kravattespéngel an dem Rob DELTGEN säin Dikricher Familjebuch.

11.11.2010: Trésors d'une ville

Den drëtten Owend vum Konferenzzyklus dréint sich alles ëm de Patrimoine: Wat huet eng Stad wi Dikrich, dat onbedéngt sollt – oder missst – *dauerhaft haltbar* gemaach ginn. Hei geet et ëm d'Nohaltigkeet vun der Kultur.

De Marc SCHOELLEN, war, wi dat sich gehéiert, och hei zu Dikrich am Kolléisch. Heen ass Geschichtsproufessur vu Beruff a bezeechent sech gären als *Jardineur*, eng Kontraktioun aus *jardinier* an *ingénieur*. Am Jar 2005, bei Geleeënheet vum 175. Gebuertsdag vum Kolléisch, huet de Marc SCHOELLEN mam Aloyse DAVID eng Féierung gemaach op der Sich no den *Architektur-Kuriositéiten zu Dikrich*. Di Konferenz vun haut den Owend ass di logisch Suite vun der Féierung vun deemols.

Den Alain DIERKENS ass Proufessur op der ULB a Spezialist fir d'Geschicht vum Mëtteleger. Säin Dada awer sin d'Kierfichter a besonnisch dat, wat d'Kierfichter eis iwwert d'Geschicht vun de Stied an hieren Awunner verzielen. Dat belscht Gesetz vum 6. März 2009 (Décret modifiant le Chapitre II du Titre III du Livre II de la première partie du Code de la démocratie locale et de la décentralisation relatif aux

funéraires et sépultures) erlaubt, dass ... *le titulaire de la concession, ses héritiers ou bénéficiaires mais aussi toute personne non apparentée, administrations et associations concernées par un monument ayant une valeur historique ou artistique* ... können di vakant Konzessioune vun de Griewer iwwerhuelen a sou duerfir suergen, dass de *patrimoine funéraire* nët verluer geet.

3-1: Marc SCHOELLEN: «Quel patrimoine pour le Diekirch de demain?»

Niewent deene klassischen Architektur-Monumenter wi d'Wirtgensschlass, d'Haus WELL mat der Façade vum Michel DEUTSCH (Cf. 2-1) op der Gare oder d'Garage WAGNER am Gruef, zitéiert de Marc SCHOELLEN awer och kleng Heiser aus den enke Gaassen vun *Al Dikrich* ronderëm di *Al Kiirch*. Fir de Marc SCHOELLEN ziele besonnisch di kleng Haipen, di nach ëmmer als Wunning benotzt ginn, zum Patrimoine, well hir Bewunner, nët nëmmen d'Bausubstanz vum Haus mee och de soziale Kontext an d'Funktioon iwwert de Jordausendwiessel raus erhalen a versuergt hunn. Sénger Meenung no ass nämlich net nëmmen di plakisch Bausubstanz, egal wéi al a respektabel se ass, schützenswert. A wann et och Sënn mëcht, al Braaken ze restauréieren an zugläich d'Struktur an d'Funktioon vun deem ale Gemaiere nei ze definéieren, sou ass di richtig *Conservation du Patrimoine* fir de Marc SCHOELLEN déi, di Struktur an d'Funktioon am Kontext versicht ze erhalen, wi zum Beispill ee klengt Haus an *Al Dikrich* an d'Liewen wat sich op der Gaass a ronderëm dat Haus ofspillt.



Marc SCHOELLEN, à droite



Prof Alain DIERKENS



René STEICHEN et Jean LEYDER

3-2: Alain DIERKENS: «Quel avenir pour nos cimetières?»

Ee Kierficht kann ee liese wéi ee Buch. Begruewen oder verbrannt ass egal. Plakken a Kräizer erzielen eis am Detail, wat si waren a wou si stungen, di Lait di hei leien. Duerch dat Vergänglicht wat um Kierficht zu Gronn geet, gëtt dat Onvergänglicht wat do drun hängt, viruginn a veréiwigt. Mir mussen et just zouloossen, de Message unhuelen. Well hee gesäit, dass de *patrimoine funéraire* a Gefor ass, plädéiert den Alain DIERKENS vir eng ganz nei Approche vun der Gestioon vun de Kierfischer. A grad wi mat der erhaltenswerter städtischer Bausubstanz geet et nët duer e Kräiz oder eng Plakk ze halen, d'Funktioon an de Kontext sin och um Kierficht wichtig. Duerfir sollten op all Kierficht eng Reih vu Griewer als *intouchables* identifizéiert ginn a vun der Gemeng oder vu soss engem Intressent no dem Erläsche vun der Konzessioun iwwerholl an ënnerhale ginn.

Fir de Conférencier'en Merci ze soën iwwerrecht de Buergermeeschter Jacques DAHM hinnen eng Gravure vun der Aler Kiirch. Duerno invitéiert heen di ganz Assemblée op ee Patt an ee Schnittchen.

18.11.2010: Réalité et fiction(s)

Di *Al Kiirch* steet am Mëttelpunkt vum Owend: suwuel de Marco SCHANK wi och d'Laure Anne FINOULST beschäftegen sich mat der Krypta, di rischt 1960 ganz ausgegruewe ginn ass. Hieren Intressi gëllt besonnesch de stänge Särg.

D'Laure Anne FINOULST studéiert Geschicht op der ULB. Am September 2008 huet si gefrot fir eng *étude pétrographique* vun de Sarkophagen kënnen ze maachen: ... *toutes les interventions sur les sarcophages s'inscrivent dans le contexte de la thèse de doctorat sur «Les sarcophages du haut Moyen Âge du nord de la Gaule» sous la direction d'Alain DIERKENS de l'Université Libre de Bruxelles, ...* deen äis virun enger Woch hei an dësem Sall iwwert de *patrimoine funéraire* geschwat huet. De Schäfferot war natierlech averstan, huet awer drop gehalen, dass d'Resultater vun der Etude am Kontext vum 750. Anniversaire vun der Stad Dikrich virgestallt ginn.

De Marco SCHANK ass *ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures*, oder op Neilëtzebuergesch *Nohaltigkeetsminister*. Fir dem Prinzip vun der *kultureller Nohaltigkeet* gerecht ze ginn, verspricht de Kulturschäffen Paul BONERT, enger Rei vu Manifestatiounen di 2010 am Kontext vum 750. Gebuertstag vun der Stad Dikrich organiséiert goufen, eng Suite ze ginn. Sou soll z. B. dëse Konferenzzyklus di nächst Jaren virulafen, an dat am Kader vun den Aktivitéiten vum neien Dikricher Musée, dem MH[s]D. D'Carine WELTER huet mat der Organisatioun vun dësem Konferenzzyklus bewisen, dass d'Directrice vum MH[s]D et versteet interessant Themen ze sichen an interessant Orateuren ze fannen. De Marco SCHANK ass a senger knapper Fräizäit awer och Schrëftsteller an huet eng ganz aner, manner wëssenschaftlech, duerfir awer net manner originell Approche vun der *Aler Kiirch*: Fir heen, deen zu enger Zäit am Kolléisch war, wou di ganz Gesellschaft emgekrempt an de Stëpps vun 2 Jardauseden sollt wech geblose ginn, ass d'Krypta vun der *Aler Kiirch* den Ufank vun engem rezent-historischen Kriminalroman.

4-1: Marco SCHANK: «Diekirch, source d'inspiration»

Den Editeur Gollo STEFFEN vun Esch-Sauer, schreift iwwert dem Marco SCHANK säi Krimi vun 2006 mam Titel «Mao und die Andern»: *In der Krypta der alten Sankt-Laurentius-Kirche in Diekirch finden Archäologen eine mumifizierte Leiche. Wer ist der Tote, der hier in einem Steinsarg begraben wurde? Weshalb wird wenig später ein hoher Politiker brutal ermordet? Commissaire Mathieu und sein Team bringen nach*



Marco SCHANK et son polard : Mao und die Andern



Laure Anne FINOULST



Les fouilles de la crypte de la Vieille Eglise en 1960

und nach Licht in die menschenverachtenden Ereignisse, deren Schatten in eine unferne Vergangenheit hin-abreichen: die Rebellion der Jugend Mat e puer pregnante Passagen aus séngem Roman vun 2006 bréngt de Marco SCHANK et fäerdig, di al 68er di ganz andächtig nolauschteren, an d'Zäit vun hierer Jugend zrëck ze beamen, an däer di Roud Wullmaus verbassen un de Fundamenter vun der Gesellschaft geknabbert huet an d'Schülerfront sich taktisch a praktisch op de Klassenkampf virbereet huet.

4-2: Laure Anne FINOULST: «Les secrets des sarcophages de la Vieille Eglise»

An der Krypta vun der Aler Kiirch stinn 35 Särg. 23 Särg sinn aus engem Goss a 5 Särg sin *recycléiert* réimisch Sarkophagen oder sinn zesummegeat aus verschiddene Baudeeler, déi aus der Réimerzäit hierkommen, wi z.B. eng Waasserleitung, eng gespléckten hallef Sail oder eng einfach flaach Dall. Di aner 18 original monolithisch Särg sin entweder aus Sandsteen (15), sou wéi en och an der Géigend ëm Dikrich gebrach gouf oder aus Kalléksteen (3), deen aus Savonnières-en-Perthois oder Brauvilliers an der Lorraine, genau 200 km vun Dikrich ewech, kënt. Di original monolithisch Särg schéngen all aus enger Period tëschent dem VII. an dem IX. Jarhonnert ze datéieren.

De Schäfferot huet dann och nach ee passende Kado, natiirlich eng Gravure vun der Aler Kiirch vum Henri DILLENBURG, als Merci fir d'Laure Anne FINOULST an de Marco SCHANK. Duerno gött et, wéi gewint, ee gemittliche Patt.

25.11.2010: Le sort et le rôle d'une ville

De Paul KELTESCH hat eng ganz Hickicht op der Kluuster opgelueden, fir si mam Bus an d'Stad ze féieren. An enger Säitegaass niewent dem Cercle läit dee fréieren Ciné Cité, dee vun 2002 bis 2010 no Pläng vum Architektbüro BENG an ee faarwigen a frëndliche Konferenzzentrum mat frëndlichem Personal ëmgebaut gin ass. D'Monique FEIDT hat deen Owend perfekt organiséiert ; alles huet geklappt an all Mënsch war begeeschtert.

De Buergermeeschter Jacques DAHM begréisst de Public, virun allem Dikricher vun hei an vun do, a kënnigt deen éischte Conférencier vum Owend un, den éischte Bierger vum Land, de Chamberprésident Laurent MOSAR.



Cercle-Cité, Entrée auditoire



Cercle-Cité, Restaurant



Cercle-Cité, Restaurant

5-1: Laurent MOSAR: «L'influence de Diekirch sur la politique nationale»

De Laurent MOSAR war su frëndlich, eis deen Owend a kuerzen Zich Eppes iwwert d'Wierken vun den Dikricher Députéierten, an der Chamber an am Europaparlament ze verzielen: ANDRE, JURION, MONGENAST, THILGES, BLOCHHAUSEN, BECH, HERR, CRAVATTE, STEICHEN, WEILER, ... j'en passe et des meilleurs. Heen hat sich gutt virbereet; der Deiwel wees, wou en all di sëllich Detailer iwwert di Dikricher Politiker ausgegruewen huet. Heen huet sugger net gezéckt, di eng oder aner Spicht aus sengem Liewen a seng Ried anzebauen: vläicht kënn en 2011 nach eng Kéier op Al Dikrich. Et giff sich passen, wann d'Stad Dikrich de Laurent MOSAR offiziell géif op Al Dikrich 2011 invitéieren.

De Laurent MOSAR kritt als Merci eng Gravure vum Henri DILLENBURG iwwereecht, zu där de Schäffen Paul BONERT wees ze verzielen, dass den Dikricher Moler Henri DILLENBURG – dem Henri DILLENBURG säi Papp an dem Pierre DILLENBURG (1-1) säi Grousspapp waren iwwrigens Bridder – déi Tuschzeechnung vun der Aler Kiirch 1960 fir de 700. Gebuertsdag vun der Stad Dikrich gemaach hat an dass d'Stad Dikrich déi Zeechnung dëst Jar, fir de 750. Gebuertsdag, an enger begrenzter Oplo als Gravure rausginn huet. Well grad wi d'Retrospektiv iwwert d'Liewenswierk vum Henri DILLENBURG, déi am ganze Land gudd Echoe krut, och d'Ausstellung vun engem aneren, landbekanntem Dikricher Moler, dem Michel HEINTZ, aussergewöhnlich Qualitéit weist, behaupt hee ganz houffrig: *De Wee op Dikrich lount sich*, an der Hoffnung, dass ëmmer méi Leit de Wee op Dikrich fannen, fir d'Ausstellungen an der *Maison de la Culture* – a geschwënn och deen neie Geschichtsmusée, den MH[s]D – kucken ze kommen. An domat hat heen d'Iwwerleedung fonnt, fir de Michel PAULY unzekënnigen. De Michel PAULY ass Professor fir Geschicht op der Uni Lëtzebuerg an ass den Dikricher keen Onbekanntem, well heen di Dikricher an hir Inviteeën um Virowend vum Nationalfeierdag 2010 ë bësse gerëselt hat, wi heen op der Kluuster behaupt huet: *Haut feiere mir, och wa mir net wësse wat.*



Laurent MOSAR



Auditoire



Michel PAULY

5-2: Michel PAULY: «Dikrich, eng Stad am Mëttelalter»

Wéi erwaart, ass seit dem Virowend vum Nationalfeierdag keen Dokument font ginn, dat géif beweisen, dass Dikrich am Jar 1260 säi Fräiheitsbréif kritt häett. Allerdéngs gëtt et och kee Bewäis fir de Géigendeel. De Michel PAULY hëllt un, dass d'Stad Dikrich hir Fräiheet – mat oder ouni offiziellem Fräiheitsbréif – réicht tëschent 1313 an 1346 vum Jang de Blannen kritt huet, zu där Zäit also, wou d'Réngmauer ronderëm Dikrich entstan ass. Mee dat ass, genau wi beim Jos HERR oder beim Nic VAN

WERVEKE, déi den Ufank vun den Dikricher Stadrechter jo op 1260 festgeluecht haten, nëmmen eng perséinlich Meenung. Vlächcht bréngt d'Christiane BIS (8-2), Archeologin am MNHA, et fäerdig, ë bësse Liicht an dat Kapitel ze brengen, wa si Enn des Jars iwwert hier Ausgruewungen zu Dikrich referéiert.

Och de Professor Michel PAULY kritt als Merci fir seng Ausféierungen d'Gravure *Al Kiirch* vum Henri DILLENBURG iwwerrecht. De Schäffen Frank THILLEN fënnt, dat dat wichtigt un der fräier Stad net d'Stad, mee d'Fräiheet ass. A genau déi Fräiheet, d'Autonomie vun der klengster administrativer Unitéit am Land, der Gemeng, ass d'Thema vun der *Table ronde*, un d'äer de Frank ENGEL, Dikricher Europa-députéierten, de Claude HAAGEN, Dikricher Députéierten an der Chamber an de Claude TURMES, Dikricher Europadéputéierten Deel huelen. D'Moderatioun mécht de Frank ROSCH.



5-3: Table Ronde: «Ville autonome en 2010»

Wuertwärtlich heescht *Europa: wäite Bléck* oder *grouss Aën*. Eigentlich geet et net mi **ouni** *Europa*. Et geet awer och nach net su richtig **mat** *Europa*. Méi wi eng Kéier hu mir grouss Aë gemaach, wa mir gesinn hun, dass grad dee *wäite Bléck* feelt, deen ee brauch fir eng eenheetlich europäisch Politik ze maachen, déi am Sënn an am Déngscht vum Bierger ass. De Waasserpräiss, dee jo de Moment fir gréisser Opreegung am Land suergt, verdäitlicht wéi schwéier et ka fir d'Gemenge sinn, di prinzipiell richtig, global Approche vu *Strosbuerg* a *Bréissel* konkret a gerecht um Terrain ëmzesetzen. *Europa* no



Table ronde: Frank ENGEL, Claude TURMES, Frank, ROSCH, Claude HAAGEN

baussen ass awer op d'Manst su wichtig wi *Europa* no **bannen**. Dat engt geet leider – oder besser, glécklicherweis - nët ouni dat anert. Et mëcht Sënn, d'Gesetzer vun den europäische Länner an alle Beräicher openeen ofzestëmmen. Nëmme sou kann *Europa* als moralisch an oekonomisch Eenheet um weltpolitischen Alldag deelhuele, ouni di kulturell Identitéit vun den *états membres* mussen opzeginn. Do waren se all um *laangen* Dësch enger Meenung.

Frank ENGEL, Claude HAAGEN a Claude TURMES, di sich daper geschloën hunn, kréien eng sëlwer Krawattespéngel mam Fräiheetssigel (1378) vun der Stad Dikrich.

Duerno beweegt de ganzen Tross sich iwwert d'Passerelle a Richtung Salons flamands vum Cercle, wou den Eierewäin an ee klenge feinen Häppchen vun der Gemeng offréiert get. Interessant Gespréicher iwwert d'Konferenzen, awer och iwwert Dikricher Allerlee, loosse den Owend gemittlich auskléngen, bis de Paul KELTESCH seng Scheewercher zesummeriff a mam Bus sécher heem bréngt, net ouni op de Rescht vun dem Konferenzzyklus z'invitéieren.

2.12.2010: Un paysage se raconte

De François VALOTTEAU këmmert sich am MNHA zesumme mam Foni LEBRUN-RICALENS ëm d'*Préhistoire*. Heen huet d'Ausgruewunge vun 2004 ronderëm den *Daiwelselter* geleet, déi iwwrigens keng nei konkret Erkenntnisser bruecht hunn iwwert dat *lokalhistorisches Kuriosum*, wat éischter an den Tirang vum lokale Folklore gehéiert wi an een akademisch Geschichtsbuch. Well dëse Konferenzzyklus awer op ass fir Béides, Geschichten a Geschicht, stinn d'Stäng an der *Haardt*, ob Geröll oder Dolmen, haut den Owend um Programm.

De Robert MAQUIL huet fréier an der Kléck gewunnt. Hee war aktiv an de Scouten an ass *con brio* duerch den Dikricher Kolléisch gaang. Haut ass de MAQUILs Robert Direkter vum *Service de Géologie*, deem seng Missioun sou definéiert ass: *Le Service de la géologie est chargé d'études et de recherches géologiques, hydrogéologiques et géotechniques, ainsi que de la confection et de la tenue à jour de la carte géologique du pays*. Prospektiv Ënnersuchungen ginn haut ëmmer méi wichtig, besonnisch am Kontext vun der Landesplanung, op nationalem an op kommunalem Plang. Eng vun de wichtigsten Aufgaben betrëfft awer d'Berodung bei der Drénkwaasserversuergung duerch Oberflächewaasser (Stauséi, Esch-Sauer), Quellen oder Grondwaasser (*Etudes hydrogéologiques au service des communes, reconnaissance des ressources en eaux souterraines*).

6-1: Robert MAQUIL: «Diekirch, sa géologie et l'évolution du paysage»

Dikrich ass e gutt Beispill fir de wiesselsäitigen Afloss vun der Géologie an der Geschicht, besonnisch der Geschicht vun der mënschlicher Besiedlung vun engem Landstreech. Dass de Sauerdall zu Dikrich scho säit méi wi 6000 Jar vu Mënsche bewunnt ass, erklärt sich doduerch, dass de Mënsch sich do gären néier léisst an do dauerhaft sesshaft get, wou e kann vu geologischen Facilitéiten profitéieren, also do, wou en Eppes ze drénken an z'esse fënnt, do wou d'Brennholz an d'Baumaterial féllig ass. Eng zweet Erklärung ass déi, dass di geologisch Konfiguratioun vu sengem Siedlungsgebitt him eng gewëss Sécherheet gett vis-à-vis vun den Naturgewalten an vu manner frëndlichen Noperen. Op d'äer anerer Säit verännert di mënschlich Präsenz weltwäit hiren originale geologische Kontext sou dramatisch an op eng irreversibel Art a Weis, dass di nei antropogen geformte geologisch Konfiguration d'Iwwerliewe vun Mënsch kuerzerhand a Fro stellt.

6-2: François VALOTTEAU: «Diekirch préhistorique»

Um Gebitt vun der *Préhistoire* hunn di zwee Dikricher, Jos GEIBEN (*1920 †1968) a Jos HERR (*1910 †1989) eng Virreiderroll gespillt. Allebéid hu si dem MNHA eng riesig a wäertvoll Kollektioun vu prähistorischen Artefakten, déi si um Dikricher Bann gesammelt hun, vermaacht. Wann d'Veraarbichtung vun deene Kollektiounen och vill Zäit a Gedold kascht, sou besteet keen Zweifel un der Echtheit an der Bedeutung vun de Schaberen, Feilspëtzen a Faustkäilen. Ganz anischt verhält et sich mam *Daiwelselter*. An séngem aktuellen Zoustand ass den *Daiwelselter* näicht anischt wéi een *unsägliches Phantasiegebilde* bei deem de *Geschichtspirat* Chevalier LEVEQUE (oder LEWECK ?) DE LA BASSE MOUTURIE seng Hand mat am Spill hat. Trotzdem schéngt et wi wann den Nordhank vun der *Haardt* eng *vocation funéraire* gehat häett, well ënnert engem Bloc vum *Daiwelselter* d'Reschter vun zwee Skeletter font goufen, di an engem Ofstand vu méi wi 1000 Jar op d'äer selwischer Plaz begruewe goufen: Ee Kand vun 6-13 Jar wat tèschent 4250 an 4040 viru Christus hei gelieft huet an eng erwuesse Persoun vun 20-25 Jar, ungeféier 1,70 m grouss, di tèschent 3020 an 2880 viru Christus hei gelieft huet. Deen eelsten Dikricher wäer deemno 6260 Jar al.

Noteems de Schäfferot den zwee Conférencier'ën ee Kado iwwerrecht huet, hun de René QUINTUS an den Altino BEIRAO ee Patt servéiert.



Robert MAQUIL, François VALOTTEAU, Carine WELTER



Assemblée après-conférence

16.12.2010: Temps de guerre, temps de paix

Vu Konferenz zu Konferenz hu mir eis lues a lues vun der Préhistoire iwwert d'Mëttelalter bis bei d'Neizäit ropgeschafft. Dass den zweete Weltkrich mat all sengem Misär eis Liewensbedingungen staark beaflosst huet, steet ausser Zweifel. D'Erënnerung un de Krich, als Resultat vun Neid an Haass tèschent den Natiounen, däerf nët mat der letzter Krichsgeneratioun ausstierwen. A wann d'Natioune an *Europa* haut verstan hunn, dass Neid an Haass zu näischt anischt ka féieren wi zu Streit a Gewalt, da waren d'Äffer vum Krich net ämsoss. Dee Friddensmessage un di kommend Generatioune viruginn, genau dat ass d'Missioun vum Militärmusée (MNHM) ... an d'Thema vun haut den Owend.

De Roland GAUL ass een *Dikricher Jung*. Säi Grousspapp war de Sängerfrënd BRAUNs Pierchen, deen de Pierre DILLENBURG (1-1) – zu Recht – och zu den Dikricher Unikumen zielt. De GULL, wi hee vu senge Schoukmeroden genannt gouf, huet schon als klänge Bouf ugefaang, *Militaria* ze sammelen a sich fir d'Geschicht vum Krich z'intresséieren. Heen huet mat engem Grapp voll Kollegen eng eemolig Kolle-

tioun zesumme gedroën, déi seit 1984 am Bamerdall an der *Aler Brauerei*, di den deemolige Schäfferot mam Buergermeeschter René STEICHEN an de Schäffen Firmin GAUL a Maurice BONERT, vun der Dikricher Brauerei ofkaaft hat, ka bewonnert ginn.

Den Erny BREUSKIN war Professor am LCD. Als Member vum Dikricher Gemengerot a fréiere Präsi-
dent vun der Ettelbrécker Musik ass hee fest mat zwee Féiss an der Nordstad verwuerzelt. Mat deem
enge Fouss zu Ettelbréck an deem anere Fouss zu Dikrich, verkierpert heen de Fridden, dee klénge
Fridden tèschent den Noperen an dee grouse Fridden tèschent den Natiounen. Hei gesäit heen och
d'Daseinsberechtigung an d'Missioun vun der lëtzebuenger Arméi, déi 1955 op den *Häerbiërg* geplënnert
ass an dee si seit där Zäit *contre vents et marées* verteidigt.

7-1: Roland GAUL / Dan JORDÃO: «Di 2 Befreiunge vun Dikrich»

Den Dan JORDÃO ass ee jonke Geschichtsamateur, dee ganz enk mat dem MNHM verwuess ass. Den
Owend koom heen extra duerch den déiwe Schnéi vun Esch rop op Dikrich, fir den Nolauschterer de
Parcours vun den Dikricher WWII-Fräiwëlligen, Antoine NEVEN (*1924 +1994), Jean NEVEN (*1916
+12.11.1944) an Felix PETERS (*1911 +17.06.1944) virzestellen. Si hunn allen dräi un der Landung vun den
Alliierten Truppen an der Normandie de 6 Juni 1944 Deel geholl. Niewent de Strapazen déi si op sich
gehall hunn, fir können een definitive Schlusstréch ënnert dat tausendjährige deutsche Reich ze
zéihen, hate si op d'Manst d'Gewëssheet, op der richtiger Säit ze stoën. Eng Chance déi
d'Zwangsrekrutéiert nët haten.



Roland GAUL



Dan JORDÃO



Ernest BREUSKIN

De GAULs Rol huet erkläert, wéi et eigentlich de 16. Dezember 1944 zu der *RUNDSTEDT-Offensiv* konnt
kommen, nodeems d'Amerikaner Dikrich schons eng éischte Kéier de 11. September 1944 befreit haten.
Ganz brenzlich wäer et fir all Dikricher Leit ginn, wann de Captain Harry KEMP net den 19. Dezember
1944 een *ordre d'évacuation* rausginn hätt. Ronn 350 Lett sinn net aus Dikrich rauskomm an hu missen
an de Kellere de Stuerm ee ganze Mount laang iwwer sich ergoë loossen. No der zweeter amerikani-
scher Befreiung den 19. Januar 1945 war Dikrich nach just ee Koup vu verbrannten Haiser an zerrassenen
Häerzer. Als Ofschloss vu senger Konferenz huet de Roland GAUL nach een Album voll interessant Fotoë
gewisen, di ganz eifrig am Auditoire diskutéiert goufen.

7-2: Ern BREUSKIN: «Wéi d'Lëtzebuenger Arméi op den Häerebiërg koom»

Den Ern BREUSKIN beschreiwit bis an dee klengsten Detail, wéi d'Lëtzebuenger Arméi op den Häerebiërg
koom. He vergësst net ze ernimmen, dass fir d'éischt mol de Projet Herrenberg-Lift huet misse gekippt

ginn: um Häerebiërg war keng Plaz fir ee Sessellift, een Hotel oder ee Flugfeld. Réicht duerno war de Wee fréi fir d'Arméi. Mee de Wee fir rop op den Häerebiërg war net einfach. Schlussendlich war et sou wäit an di lëtzebuerger Arméi konnt 1955 hir Quartéier um Häerebiërg opschloën. Lues a lues huet och de Kader vun der Arméi sich an Dikrich – an der Cité, awer och an der Revolvergaass an op der Gilsdrëfferstrooss – agebiërgert.

7-3: Inauguratioun vun enger Plaquette bei der Fräiheitslann am Parc Municipal

Thematisch gesinn, hätt d'Inauguratioun vun der Plakette bei der Fräiheitslann, déi op Initiative vum Georges LINSTER (*1927) an de Programm vun de Festivitéiten vum 750. Gebuertsdag vun der Stad Dikrich opgeholl gi war, ganz gutt an dësen Owend gepasst. Wéinst deem ongemittliche Wanterwieder huet dës Feierlichkeit missen op den 22. Dezember ëm 11 Auer Moies ze verluecht ginn. Pätter a Giedel vun der der éischter Plakett, d'Lydie EYSCHEN (*1927) an den Tit MANNON (*1927) sinn extra op Dikrich, an hir Heemchtsstad komm, fir di nei Plak bei der Fräiheitslann anzeweihe.

27.1.2011: Passé méconnu

Eng letzte Kéier begréisst de Schäffen Paul BONERT d'Assemblée, fir d'Konferenze vun den Archeologen aus dem MNHA, dem Christiane BIS-WORCH an dem Matthias PAULKE unzekënnigen. De Matthias PAULKE huet d'Ausgruewing vun 2008 an der rue Alexis Heck geleet an d'Christiane BIS war verantwortlech fir d'Ausgruewing am Dechengaard (1992) an an der rue Saint Antoine (2010, Terrain KORZILIUS).

Dass de Michel PAULY (5-2) an de Jean Claude MULLER (2-1) sich Zäit geholl hunn, fir op Dikrich eng Konferenz iwwert d'Mëttelalter an di réimisch Besidlung vum Dikricher Streech lauchteren ze kommen, ënnerstréicht wéi interessant a wéi wichtig di zwou letzt Konferenze vum Gebuertsdagszyklus mussen sinn.

Äer heen d'Wuert un de Matthias PAULKE virugët, erënnert de Schäffen Paul BONERT d'Nolauschterer nach kuerz un d'*Folia synoptica*, engt Erënnungsbrochure mat enger Heedewull Fotoën an alle Konferenzen *in voller Länge*, dat am Fréijar soll rauskommen.

8-1: Matthias PAULKE: «Neues zur römischen Villa von Diekirch»



Matthias PAULKE, MNHA

D'Ausgruewingen an der rue Alexis HECK hu gewisen, dass di réimisch Häerevilla vun der Esplanade mat hieren Dependenzien bis un d'Sauer gerecht huet. Wann – wéi bei sou Anlagen üblich – d'Symetrie respektéiert gouf, missten di westlich Begrenzungsmaueren vun der Réimervilla parallel zu der Groussgaass verlafen. Et laien sécher nach méi réimisch Gebailichkeeten am Ënnergrond vun *Al Dikrich* verstoppt an et muss ee sich drop gefaasst maachen, dass tëschent der Niklosstroos an der Esplanade (Pendant zu de réimischen Fundamenter an der rue Tschiderer) an um Nordwest-Eck vun der Liberatiionsplaz (Pendant zum réimischen Ënnerbau vun der *Aler Kiirch*) iergendwann réimisch Fundamenter oder Iwwerreschter vun Haiser, Ställ, Handwierksgeschier, Griewer oder Waasseranlagen aus där Zäit opdauchen. Et bleiwt deemno spannend.

8-2: Christiane BIS-WORCH: «Das Mittelalterliche Diekirch»

D'Christiane BIS-WORCH huet en historischen *Tour d'horizon* iwwert *d'feuilles archéologiques* am Dechengaard an an der Antoniusstrooss gemaach. Wat d'Areal KORZILIIS ugeet, sou schéngt et wi wann deen Haiserblock ursprénglich nët wéi erwaart op d'Antoniusstrooss ausgeriicht war, mee éischer op déi Gassel di perpendiculär zu der Antoniusstrooss verleeft. Bis lo sin awer nach keng direkt oder indirekt Spure font ginn vum fréieren *Maria-Magdalenen-Hospital*, wat jo op der Plaz vun der heitiger Aptikt ROMMES stung. Iwwerreschter vun der Réngmuer stinn an der rue WATHLET an énnen an der Groussgaass, um Eck vum fréieren *Hôtel EUROPE*. Am Süd-Ost-Abschnitt ass de Verlaf vun der Réngmuer awer nët eendeitig geklärt. Iwwerreschter vun der Muer kéinten och nach an der fréierer Bäckerei HERMES an am Gaart vum Zännokter DECKER stoën. Et ass virgesinn d'Haus HERMES ofzerappen an ee neit Gebai do opzeriichten. Déi Émänerungen brénge sécher nei Erkenntnisser, sou dass dann de Verlaaf vun der Réngmuer mat Sécherhhet kann definitiv festgeluecht ginn. Wat d'Réngmuer selwer betrëfft, ass d'Christiane BIS WORCH der Meenung, dass de Fräiheitsbrëif vun enger Stad nët onbedengt muss zäitgläich mat dem Bau vun der Stadmuer verbonne sinn. D'Stad Dikrich kann de Fräiheitsbrëif suwuel virum Bau wi och nom Bau vun der Befestigungsmuer kritt hunn. An deem Kontext huet d'Christiane BIS WORCH intressant Parallelen zu der fréier Stad Gréiwemaacher – mat hierer Laurentiuskiirch – gezunn.

De Buurgermeeschter Jacques DAHM iwwerrecht dem Matthias PAULKE an dem Christiane BIS-WORCH eng Gravure vum Henri DILLENBURG als Merci fir di zwo intressant Konferenzen .

Virum Patt, goufen och nach de Louis SCHMITZ, de Marc AREND an de Jean KENKEL operuff. Well si kee vun den aacht Konferenzowenter verpasst hunn, kréien och si eng AI Kiirch vum Henri DILLENBURG als Unerkennung vum Buurgermeeschter Jacques DAHM a vum Schäffen Frank THILLEN iwwerrecht.



Christiane BIS-WORCH, MNHA



Final After-meeting Party